

## Nationale Commemoratiounsdag 2022

Mir gedenken dëst Joer dräi Anniversairen, déi eist Land a Geschicht markéiert hunn.

Et sinn elo 80 Joer hier dass de *Gauleiter* Gustav Simon mat senger Proklamatioun vum 30. August 1942 den Déngscht an der Wehrmacht fir Lëtzebuerger Jongen obligatoresch gemaach huet. Mir denken un déi méi wéi 10.000 zwangsrekrutéiert jonk Männer, mee och un déi 3.614 jonk Fraen, déi an de Reichsarbeitsdienst souwéi an de Kriegshilfsdienst gezwonge goufen. Mir wëllen eis och un hir Familljen erënneren an doru viru wéi engem schwierege Choix si all, op jonk oder al, stoungen.

Virun 80 Joer sinn och d'Lëtzebuerger Biergerinnen a Bierger, Schülerinnen a Schüler, uechter d'Land an de Generalstreik getruede fir sech esou déser Zwangsrekrutéierung ze widdersetzen. De Streik, deen den 31. August 1942 zu Wolz ugefaangen huet, war a bleift e staarkt Zeeche vu Solidaritéit an Zesummenhalt dat mir eis an dësen Zäiten émmer nees virun Ae féiere sollten.

2022 markéiert och den 80. Joresdag vun der Wannseekonferenz, eng Konferenz wou d'Nazien de systematesche Genozid un de Judde beschloss hunn, also och un de jiddesche Matbiergerinnen a Matbierger aus dem besate Grand-Duché. Am Ganze verloosse siwen Deportatiouns-Convoie Lëtzebuerg während dem Krich. Mir engagéieren eis weider fir eng Welt ouni Haass, Friemefeindlechkeet an Antisemitismus.

Mam Krich an der Ukraine kritt den Nationale Commemoratiounsdag dëst Joer eng ganz aktuell Bedeutung. Fräiheit, Demokratie, a Fridde si Fundamente vun eiser Gesellschaft fir déi et sech lount sech anzesetzen. Dofir huet sech Lëtzebuerg solidaresch mat der Ukraine an dem ukrainesche Vollek gewisen.

Als Gesellschaft däerfen a wäerte mir net vergiessen. Et ass dofir wichteg dass mir d'Undenken un d'Affer an d'Lektiounen aus dem Krich un déi nächst Generatiounen weiderginn. Hei si mir all gefrot.

Xavier BETTEL, Paulette LENERT, François BAUSCH,

Jean ASSELBORN, Claude MEISCH, Corinne CAHEN,

Marc HANSEN, Claude TURMES, Sam TANSON, Taina BOFFERDING,

Lex DELLES, Henri KOX, Franz FAYOT, Claude HAAGEN,

Georges ENGEL, Yuriko BACKES, Joëlle WELFRING

## **Journée de commémoration nationale 2022**

Nous commémorons en cette année trois anniversaires qui ont marqué notre pays et notre histoire.

Avec sa proclamation du 30 août 1942, le *Gauleiter* Gustav Simon a rendu obligatoire, il y a 80 ans, le service militaire dans la Wehrmacht pour les jeunes Luxembourgeois. Nous rendons aujourd’hui hommage aux plus de 10.000 enrôlés de force, mais aussi aux 3.614 jeunes femmes qui ont été contraintes au Reichsarbeitsdienst ainsi qu’au Kriegshilfsdienst. Nous pensons aussi à leurs familles et au choix difficile auquel ils ont tous été confrontés, jeunes ou moins jeunes.

Le 31 août 1942, des citoyennes et citoyens luxembourgeois, lycéennes et lycéens, venus de tout le pays, rejoignent la grève générale pour s’opposer à ce recrutement forcé. Cette grève déclenchée à Wiltz a été – et continue d’être – un signe fort de solidarité et d’unité que nous devons garder à l’esprit en ces temps troubles.

2022 marque également le 80e anniversaire de la conférence de Wannsee, une conférence où les nazis ont décidé du génocide systématique des Juifs, dont les citoyennes et citoyens juifs du Grand-Duché occupé. En tout, sept convois de déportation quitteront le Luxembourg pendant la guerre. Nous devons continuer sans relâche à promouvoir un monde sans haine, sans xénophobie et sans antisémitisme.

Avec la guerre en Ukraine, la Journée de commémoration nationale a tragiquement gagné en actualité. La liberté, la démocratie et la paix sont les fondements de notre société pour lesquels il vaut la peine de s’engager. C’est pourquoi le Luxembourg s’est montré solidaire envers l’Ukraine et envers le peuple ukrainien.

En tant que société, nous ne devons jamais oublier et nous n’oublierons jamais. C’est pourquoi, il est important que nous transmettions la mémoire des victimes et les leçons de la guerre aux générations futures. Cet appel nous concerne toutes et tous.

Xavier BETTEL, Paulette LENERT, François BAUSCH,

Jean ASSELBORN, Claude MEISCH, Corinne CAHEN,

Marc HANSEN, Claude TURMES, Sam TANSON, Taina BOFFERDING,

Lex DELLES, Henri KOX, Franz FAYOT, Claude HAAGEN,

Georges ENGEL, Yuriko BACKES, Joëlle WELFRING